

**Vote sur la motion 1**

Da géif ech froen: Wien ass mat der Motioun averstanen?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Ma dat ass schéin. D'Motioun ass unanime ugehall. Merci.

An da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet de loi 6704 iwwert den Artikel 108 vum Gesetz iwwert den Aménagement communal. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An ech gesinn, de Rapporteur, deen ass scho prett. Den Här Claude Haagen huet d'Wuert.

3. 6704A - Projet de loi portant modification de l'article 108 de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain**Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative**

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President.

(Concertation interne)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Aah! Den Här Rapporteur seet mer, et wär de Projet de loi 6704A. An do hunn ech gemengt: Aah!

► **Plusieurs voix**.- A, aah!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci fir d'Prezisioun. Här Rapporteur, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Haagen** (LSAP), rapporteur.- Et war komm, mä et war lues komm.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Projet de loi 6704A geet aus dem Projet de loi 6704 ervir, dee mä bekannt ass als Omnibusgesetz. D'Omnibusgesetz gëtt mat der Nummer 6704 identifizéiert an ass de 16. Juli 2014 vum zoustännegen Minister vum der Fonction publique hei an der Chamber déposéiert ginn a gesäit eng ganz Rei vu Gesetzesännerunge vir, déi d'Simplification administrative, iwwert déi schonn hei vill diskutéiert gouf, an d'Realitéit ëmsetze soll.

Eng vun deene Modifikatiounen betrëfft d'Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal. An do besteet eng gewëssen Urgence, op déi ech elo direkt ze schwätze kommen. No der aktueller Gesetzgebung hunn d'Gemengen nach just bis den 8. August 2015 Zäit, fir hir PAGen ze iwwerschaffen. Mä déi allermeescht Gemenge wäerten net an der Lag sinn, dësen Délai ze respektéieren an anzehalen.

Well den integralen initiale Gesetzesprojet 6704 net méi ka virum Summer gestëmmt ginn, mir waarden nach op den Avis vum Statsrot, an d'Modifikatioun vum Artikel 108 vum Gesetz iwwert den Aménagement communal awer esou schnell wéi méiglech muss a Kraaft trienden, huet den Innenminister, deen och fir d'Fonction publique zoustänneg ass an dësem Fall, proposéiert, fir déi concernéiert Artikelen, déi de PAG vun de Gemenge betreffen, aus dem Omnibusgesetz erauszehuelen an do-rauser de Projet de loi 6704A ze maachen.

De Statsrot huet sech dëser Propos ugeschloss an eben dës Dispositiounen separat aviséiert. Déi concernéiert Chamberen, den OAI souwéi de Mouvement écologique, hunn zu dësem Projet de loi een Avis ofginn. De Projet de loi ass och an der Intérieurskommissioun diskutéiert an analyséiert ginn, an déi zoustänneg Fonction publiques-Kommissioun huet hir Aarbechten den 13. November vum leschte Joer ugefaangen.

Nodeems verschidden Amendementer vun der Regierung ausgeschafft si ginn, an de Statsrot säin Avis den 3. Abrëll vun dësem Joer ginn huet, huet déi zoustänneg Kommissioun sech dësem Avis ugehall an huet d'Propositioun vum Statsrot integral iwwerholl. De Rapport iwwert dëse Projet de loi ass den 13. Mee vun dësem Joer ugehall ginn.

Ze bemierke bleift, dass de Statsrot nach amgaangen ass, d'Omnibusgesetz - ech hunn dat scho gesot - ze aviséieren, ausser dem initialen Artikel 33 an engem neien Artikel 33bis, déi eben dëse Projet de loi betreffen.

Här President, den Zweck vun dësen zwee genannten Artikelen ass, fir den Artikel 108 vum Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain ëmzënnern. Dëse Projet de loi begräift och nëmmen déi zwee Artikelen, déi awer fir

d'Gemengen extrem wichteg sinn: den éischten Artikel, deen de Paragraf 1 vum Artikel 108 aus dem virgenannte Gesetz vum 19. Juli 2004 ännert, an een zweeten Artikel, deen den drëtte Paragraf vun deem Artikel vun deem Gesetz och ännert.

D'Hauptzil vun dësem Projet de loi ass, fir Deadline, fir d'Date limite vum 8. August 2015, déi d'Ännerung fir d'Iwwerschaffen an d'Upasse, d'Adoptioun vum de PAGe fir d'Gemenge virschreift, fir eben dësen Datum ze verlängeren. Dësen Datum gëtt mat dësem Projet de loi op den 8. August 2018 verlängert. Déi allermeeschte Gemenge kënnen den Datum vum 8. August vun dësem Joer, vun 2015, net respektéieren. Vill Gemengen hunn awer och schonn an der Vergaangenheet eng Kéier vun der Geleeënheet profitéiert, fir den Délai op eben den Datum vum 8. August 2015 ëm zwee Joer verlängert ze kréien.

Et sinn awer och Gemengen, déi dës Verlängerung op den Datum vun hirer Deliberalisatioun vum Gemengerot baséiert hunn a wou elo d'Date limite éischter wéi den 8. August 2015 ass. D'Gemengen hunn also net allegueren dervu profitéiert, fir den Délai op déi zwee Joer mat der Deadline vum 8. August 2015 ze verlängeren. Dofir huet ebe misse schnell gehandelt ginn, well am Fall, wou den entsprechen den Délai net ka respektéiert ginn, ginn déi PAGe vun dëse concernéierte Gemenge ganz einfach caduc, also hifälleg, wat zu engem grouss Vide juridique ka féieren.

Fir an Zukunft net nach emol an déiselwecht Situatioun ze kommen oder ze riskéieren, an déiselwecht Situatioun ze kommen, ginn d'PAGen och nom Délai vum 8. August 2018 net méi einfach hifälleg, falls se bis dohinner net iwwerschafft gi sinn. Trotzdeem bleift awer e gewëssenen Drock fir d'Gemenge bestoen, fir hire PAG ze iwwerschaffen. D'Sanktioun wäert no dësem Datum doranner bestoen, net méi, datt déi PAGe caduc ginn, mä datt déi Gemengen, déi hire PAG net iwwerschafft hunn, keng Ernannerungen, keng Modifikatiounen vun de PAGe mä dierfe maachen, ausser der Reform natierlech vum neie PAG, an datt och keng Procédure vun engem PAP „nouveau quartier“ kann ugehall ginn.

Ze bemierken ass, datt momentan vun deenen 105 Gemengen hei zu Lëtzebuerg der ronn 15 ee PAG hunn, dee konform zum Gesetz vum 19. Juli 2004 ass.

Dir Dammen an Dir Hären, wann d'Gemengen en neie PAG ausschaffen, da muss se dat och, esou wéi dat virgesinn ass am Gesetz vum Juli 2004, mat engem neie Bautereglement verbannen. Dat ass am Artikel 38 esou festgehalten. Am Moment ass awer och am Artikel 108 eng duebel Sanktioun virgesinn, fir déi Gemengen, déi net bis spéitstens den 8. August 2015 hire PAG an hirt Bautereglement iwwerschafft hunn. Net nëmmen de PAG géif dann hifälleg ginn, mä och dat aalt Bautereglement gëtt dee Moment caduc.

D'Bautereglementer, déi um Gesetz vum 1937, wa se dorobber zrëckginn, baséieren, wieren also net méi gültig. An dëst kéint opgrond vun der Verbindung PAG/Règlement sur les bâties, also Bautereglement, zu schwierige Situatiounen an de Gemenge fir aktuell oder future Besëtzer vun Immobilie féieren.

Am zweeten Artikel vun dësem Projet de loi proposéiere mir dofir deen Deel vun de Sanktiounen ze sträichen, deen d'Bautereglement begrëfft, also den drëtte Paragraf vum Artikel 108. Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an un de Commentaire vun den Artikelen.

An der Hoffnung, de Gemengen domadder gehollef ze hunn, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a gi selbstverständlech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'Éischt dem Rapporteur Claude Haagen Merci fir säi gudden schrëftleche Bericht an och säi mëndleche Rapport vun haut de Mëtteg.

D'Fro, déi der Chamber haut gestallt gëtt, ass déi: Sidd Dir averstanen domat, dass d'Gemenge bis 2018 Zäit hunn, fir hire PAG vun der neier Generatioun ze hunn? Mécht eng Gemeng dat net bis den August 2018, da kann an där Gemeng keen net Lotissement méi genehmegt ginn. D'CSV, déi beäntwert dës Fro mat engem kloren Jo.

► **Plusieurs voix**.- Aah!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Déi politesch an och déi rechtlech Tragweid vun dësem Ge-

setzesprojet geet an eisen Aen awer vill méi wäit. Et geet ëm méi wéi eng Textännerung vun enger Iwwergangsbestëmmung vun eise Gesetz iwwert den Aménagement communal aus dem Joer 2004. D'CSV-Fraktioun, déi steet weiderhin zu der Orientierung vun dem kommunalen Aménagementgesetz. Et erlaabt generell eng méi kohärent Gestaltung vun eise Gemengen an domat och vun eise Land.

Wann d'Zilsetzung vum Gesetz ouni Zweifel déi richteg ass, dann ass déi technesch Ausleeung vun deem Gesetz awer duerchaus Verbesserungsbedürftig. Et geet hei net - an ech soen et nach eng Kéier: net! -, ëm politesch Scholdzouweisungen. Jiddwereen, dës Regierung, déi fréier, dës Chamber, déi fréier, an d'Administratioun, ce sont les ministres qui passent et l'administration reste, muss sech mat där eegener Nues huelen.

Et geet blouss ëm faktuell Feststellungen. D'Gesetz iwwert den Aménagement communal, dat ass zanter 2004 elo schonns fënnemol ëmgeännert. Dat hei ass déi sechste Kéier. Méi oft eigentlech wéi d'Aménagementgesetz vun 1937 a bal 70 Joer.

(Coup de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Déi zweet Rei, wann ech gliff!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Den Délai, fir landeswäit PAGe vun der neier Generatioun ze hunn, ass vun 2010 op mëttlerweil 2018 verlängert ginn. An et dierft wuel, mengen ech ze soen, net déi leschte Verlängerung sinn. Dëst Gesetz, dat ass ee wichtige Pfeiler vun der Bautätegkeet an eise Land. Et gëtt vu bal allen Akteuren ëmmer nees regelméisseg ënnerstrach: der Regierung, der Chamber, dem Statsrot, de Berufskummeren, dem Syvicol stellvertretend fir all Gemengen, a villen anere méi.

An d'Baupräisser hei am Land sinn ze héich, well mir net schnell genuch neit Bauland kënnen erschléissen. Et ass och dofir utopesch ze mengen, eleng kënnen op fräi Baulücken zrëckzegräifen, well bei niddregen Zësen an enger staarker Nofro no Bauterrainen ass eng erschloss Baulück ee Spekulationsobjekt - Här Eischen! - mat Garantie op d'Zukunft an ouni Risiko. Mä d'Prozedur, fir neit Bauland ze erschléissen,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Et war net den Här Eischen.

► **M. Gilles Roth** (CSV).-ass nun eemol an dësem Mengenenaménagierungsgesetz festgeluecht. Duerfir geet et bei dësem Gesetzesprojet eigentlech ëm méi wéi eng einfach Verlängerung vun engem Délai. Et stellt sech d'Fro: Op en Neits eng Verlängerung vum Délai, firwat? Mä och d'Fro: Wat fir eng Konsequenz bréngt dës Verlängerung mat sech?

Éischtens, firwat iwwerhaupt eng Verlängerung vun dem Délai? Bis elo hu knapp 15% - 15%! - vun de Gemengen ee PAG vun der neier Generatioun. Et si vun der Awunnerziel hier och net onbedéngt déi gréisste Gemengen. Ursaach fir de Retard ass sécher eng feelend Kenntnis an och Onsécherheet vun de politeschen, den administrativen an och den techneschen Akteure bei der Ausleeung vun dësem Gesetz.

D'Gesetz ass komplizéiert geschriwwen. D'Rechtssécherheet gëtt doduerch awer net onbedéngt méi grouss.

D'Ausleeung vum Gesetz huet doduerch zu enger Hällewull vun Uerteeler vun dem Verwaltungsgericht gefouert. Jo, e Respekt vun der Gewaltentrennung! Mä och déi Justizdécisionen sinn, iwwert de Laf vun de Jore gekuckt, zum Deel ënner sech ganz konträktöresch, an dat mécht d'Saach sécherlech net méi einfach.

Ursaach ass sécher och ee Manktum u Koordinatioun a virun allem dem Zesummespill mat einzelne Gesetzestexten aus dem Ëmweltberäich. De Statsrot, iwwregens och déi fréier Regierung, jo souguer d'Chamber an dem Bericht iwwert déi sougenannte Réforme territoriale, hunn ëmmer nees fir e sougenannte Code de l'aménagement communal plädéiert. Ursaach ass sécher och een net ëmmer glécklecht partnerschaftlech Zesummeschaffen tëschent Stat a Gemengen.

Et huet een d'Impressioun, et géif do heiansdo méi ëm dat berühmte Aarmbéien ewéi ëm d'Saach goen. An dobäi sinn d'verfassungsrechtlech Rollen tëschent dem Stat an de Gemengen eigentlech zimlech kloer geregelt, an d'Verwaltungsgericht huet dat an x Uerteeler och ëmmer festgehalten.

D'Gemengen, ech soen nach eng Kéier, d'Gemenge si verfassungsrechtlech zoustänneg fir déi urbanistesche Gestaltung op hirem Territoire an deemno och fir déi politesche Opportunitéit. De Stat ass a senger Roll dat legaalt Kontrollorgan am Sënn vun dem generellen Interesse.

Dëst partnerschaftlech Zesummewirken tëschent dem Stat mat all sengen Institutionen

nen a Servicer an de Gemenge muss verbessert ginn. Et dierft kee Géinteneen, mä am Interesse vun der Saach muss et ee Mateneen sinn, an dat onofhängeg vun aller politescher Faarf vun den Akteuren.

Ursaach ass awer och eng feelend Koordinatioun tëschent de staatleche Servicer, déi an den Aménagement communal awierken. Et geet hei vun Innenministère bis iwwert den Ëmweltministère, der Gestion de l'eau a bis an d'Kultur.

Obwuel vill Efforte gemaach goufen, feelt et awer un der néideger Kohärenz. D'Retarden an der Prozedur hanken dann oft of vun ëmmer neien Exigenzen, sief et bei Etüden iwwert d'Waasserqualitéit, d'Fliedermais, de schwaarzen, de rouden Milan, der Servitude archéologique, de rare Planzen a Vulle bis zu den Naturschutzzonen an esou weider. All dëst mag sécherlech sënnvoll sinn, mä et ass mëttlerweil ee Prozedurdickecht ginn, wou - op gutt Lëtzebuergesch - „eng Kaz hir Jong net méi erëmfinnt“.

Ursaach fir eng Verlängerung vun den Délai fir d'PAGe vun der neier Generatioun ass net zescht awer och ee regelrechte Prozedurstau, zu deem et riskéiert, an nächster Zukunft ze féieren. Ronn 90 Gemengen - 90 Gemengen - müssen an deenen nächsten dräi Joer, dat si 36 Méint, nei PAGe maachen an dat, bei gegebenenfalls Recourse bei dem Verwaltungsgerecht, och nach op eenzelne Punkte reguläriséieren!

D'CSV-Fraktioun begréisst duerfir déi Moosnamen, déi am Omnibusgesetz virgesi sinn, fir d'Prozedur weider ze vereinfachen. D'CSV fuerdert doriwwer eraus, fir besonnesch am Ëmweltberäich méi prezis Regeln ze schafen, wat fir eng Etüden no wat fir enge Kritäre bannent wat fir engem Délai musse gemaach ginn.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Och d'Verwaltungen müssen Délai virgeschriwwen kréien, bannent deene si dës Etüden iwwerpräiwen. A sollt et zu Personalmangel kommen, jo, da muss opgestockt ginn.

D'Rechtssécherheet gëtt mat ëmmer neien Ufuerderungen an ouni kloer Rechtsinstrumenter net méi grouss. Recourse virum Gericht wäerten dann och ganz bestëmmt net ausbleiwen. An et soll ee sech kenger Illusioun präisginn: Een, deen opgrond vun enger Flidermaus-Etüd eng Servitude op säi potenzielle Bauterrain geluecht kritt, deen dierft, ënner Ernstänn, net ofgeneigt sinn, dësen Aschnëtt op säin Eigentumsrecht, well dorëms geet et, wuel gerichtlich präiwen ze loossen!

Zweetens, d'Fro vun de Konsequenzen vun der Verlängerung vun dem Délai fir e PAG vun der neier Generatioun. Ronn 90 Gemenge wäerten bannent deenen nächsten dräi Joer während Minimum 12 bis 14 Méint an enger Iwwergangsphas sinn. Si hunn da parallel hiren aktuelle PAG an een neie Projet vun engem PAG ze berücksichtegen. Während där Iwwergangszäit ginn d'Baugenehmigungen am Prinzip op deem ale PAG ausgestallt. Mä d'Genehmigung muss, an d'Gesetz gesäit dat am Artikel 21 kloer vir, parallel Bestëmmungen vun dem PAG vun der neier Prozedur aus respektéieren. An dat ass net ëmmer eng ganz einfach Saach, well d'Regelen tëschent deem alen an deem neie PAG stëmme ganz oft net iwwereneen.

Ech ginn lech e Beispill. An engem ale PAG steet dran, dass de Leit hir Diecher e sougenannte Schrägdaach missten hunn, mat enger maximaler Neigung vu 45°. Mä déi nei Bauarchitektur, an ech mengen, dat gesäit jiddwereen am Land, gesäit meeschtens sougenannte Retraiten op dem ieweschte Stack vir, mat engem Flaachdaach. An d'Konsequenz vun der Applikatioun vun deenen zwee PAGen, während där Iwwergangsphas, dréit net onbedéngt zur Rechtssécherheet bäi. Eng Rechtsunsécherheet an der Iwwergangsphas zu de PAGe vun der neier Generatioun biergt dann och de Risiko vun eventuelle Schuedenersatzkloen a sech.

Wann een dann nach a Betrecht zitt, dass de Buergermeeschter souguer ka penaltrechtlech haftbar gemaach ginn opgrond vun enger eventuell illegaler Baugenehmigung, déi hien ausstellt, wat iwwregens parteiwwergräifend als net glécklech empfongt gouf, souwuel an der leschter Innenkommissioun wéi och ënnert dëser neier Regierung, dann ass ee gemeinsamen Effort verlangte vu Stat a vu Gemengen, fir d'PAGe vun der neier Generatioun esou séier wéi méiglech an d'Dréchent ze bréngen.

Et sollt een an deem Kontext iwwerleeën, ob een net während der Ausarbechtungsprozedur vun engem neie PAG Baugenehmigung kéint ausstellen, déi entweder konform zu deem ale PAG sinn oder dem Projet vun deem neie PAG. Eng diesbezüglich Iwwergangsbe-



stëmmung steet iwwregens nach ëmmer haut am Artikel 108bis vun dem Gesetz iwwert den Aménagement communal; si ass just net bekannt. Dës Iwwergangsbestëmmung ass blous zanter 2005 net méi de facto applikabel. Wat d'Iwwergangsphas méi laang dauert, wat d'Rechtsongesécherheet awer méi grouss wäert ginn.

Den Artikel 108bis vun dem Gesetz iwwert den Aménagement communal, dee seet heizou: «Tant que le plan d'aménagement général de la commune n'a pas fait l'objet d'une refonte et adaptation complètes conformément au paragraphe (1) de l'article 108, le bourgmestre accorde directement une autorisation de construire pour les travaux de construction, de transformation ou de démolition d'un bâtiment si ces travaux sont conformes soit au plan ou projet d'aménagement général, soit au plan ou projet d'aménagement particulier approuvés ou en cours d'approbation au moment de l'entrée en vigueur de la présente loi.»

Och d'«entrée en vigueur de la présente loi», dat bezitt sech op e Gesetz vun 2005. An de Vorschlag vun der CSV wier do, dee Sazdeel «au moment de l'entrée en vigueur de la présente loi» ze sträichen.

Här President, d'CSV-Fraktioun stëmmt dëse Projet mat.

Mir ënnerstëtzen och eng séier Ëmsetzung vun Rescht vun dem Omnibusgesetz. Mir sinn der Meinung, dass den Ëmweltberäich a Saache Vereinfachung vun de Prozedure ganz einfach ze kuerz komm ass. D'Omnibusgesetz misst, eiser Meinung no, op deem Punkt erweidert ginn.

Sous réserve vun deene Bemierkungen, ginn ech dann den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Roth. An d'Wuert huet direkt den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, hei an do muss de Législateur jo agräifen, fir punktuell Feelaschätzunge vu fréier erëm ze berengegen. Dat ass natierlech net onbedéngt dann eng gesetzlech Meeschterleeschung. Leider si mer haut an deem Zeenario. Mä vu datt mer jo ganz vill Gemengepolitiker heibanne sëtzen hunn, versti se awer och, datt mer haut mussen déi - et kann ee scho soen - Urgence virhuelen an datt mer d'Omnibusgesetz hu misse splécken an haut am Fong geholl just punktuell eng Adaptatioun am Intérêt vun de Gemenge virhuelen.

Well wann dat net géif geschéien, da wësse mer ganz kloer, datt géife seriö Problemer op ganz vill Gemengen zoukommen. An datt mer haut den Délai, den ominéisen Délai vun 8. August 2015 op 2018 ausweiden, huet dermat ze dinn, wéi de Rapporteur hei et scho ganz kloer gesot huet, datt ebe ganz vill Gemengen, déi meescht Gemengen deem Optrag, wéi en am Gesetz virgesi war, jo net nokomm sinn.

Ech wëll dann nach eng kéier kuerz drop zrëckkommen op den Délai, den am Gesetz vun 19. Juli 2004 festgeschriwwen gi war. Wann een eng kéier déi Debatten do zrëckliest, da muss ee feststellen, datt et deemools awer souguer an der Majoritéit och eng Rei Leit gi sinn, déi scho gewarnt hu virun deem Délai. Ech wëll drop hiweisen, datt en CSV-Vertrieeder deemools, dat war den Här Halsdorf, dat schonn ervirgestrach huet. Ech wëll och drop hiweisen, datt en DP-Vetrieder, den deesewechten och haut ass nach ëmmer, och drop higewisen huet, datt déi Délaie vu sechs Joer trotzdeem vill ze vill kuerz gegräff wieren.

An effektiv, bis 2011 hate jo nëmme sechs Gemengen et fäerdegbruecht, am Kader vun 2004er Gesetz hire PAG unzepassen. E PAG unzepassen, an och do soen ech net vill Neits heibannen, well déi Meescht domadder eng gewëssen Erfahrung gemaach hunn, ass natierlech eng Aarbecht vun engem ganz laangen Otem. Mir wëssen, datt dat eng Aufgab ass, déi net vun haut op muer ze realiséieren ass. Et weess een, datt do ganz vill Akteure musse matspillen. An et weess een och, datt eng ganz Rei nei Elementer derbäikomm sinn, fir kënne déi PAGen opstellen.

Wa mer, wéi gesot, haut déi Dispositiounen net géifen änneren, da géif d'Onzefriddenheet nach vill méi grouss ginn, net nëmme bei de Gemengeresponsabelen, mä virun allem och bei Privatleit a virun allem awer och bei Entrepreneure respektiv Promoteuren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass och ze begrëssen an dësem Projet, datt déi ursprénglech festgehalene Sanktiounen u sech elo ofgeschwächt ginn, soudatt, wa Gemenge bis 2018 hire PAG dann nach ëmmer net sollten adaptéiert hunn, zumindest déi negativ Konsequenzen dach dee Moment éischter er-

träaglech wieren. De fréiere Législateur hat do ouni Zweifel iwwert d'Zil erausgeschoss.

Et ass schonn hei ugeschnidde ginn, natierlech war dat deemools och als e gewësst Drockmëttel virgesi ginn, wat och net ganz falsch ass, an et soll een dat och an aller Serenitéit hei ënnersträichen. Elo kréien d'Gemenge praktesch dräi an en halleft Joer weider Zäit, fir kënne hir PAGen ze adaptéieren. An och, wann et eng schwierig, eng komplex Prozedur ass, esou mengen ech awer, misst dach awer all Gemeng bis dohinner et fäerdegbréngen, och dann, wéi gesot, déi Aarbecht ze maachen.

Wichtig ass och, datt, wéi gesot, de Paragraf 3 vum Artikel 108 vum 2004er Gesetz heimadder och ofgeschafte gëtt. Da kënnt och méi eng Kloecheet, wat eben och d'Bautereglementer ubelaangt. Och do huet eng gewësse rechtlech Onsécherheet elo ëmmer geherrscht, ob d'37er Gesetz nach applikabel wier, ob d'2004er Gesetz nach applikabel wier. An dowéinst ass dat an deem Sënn och elo hei ze begrëssen.

Vläicht och eng ganz kuerz Remarque zu de Bautereglementer, datt et hei dann natierlech och ze bedauern ass, datt u sech net genuch Courage vläicht och gewise gëtt, fir an de Bautereglementer gewësse Moossnamen awer schonn ze fixéieren, datt et dem Buergermeeschter och méi einfach vläicht gemaach gëtt, bei Décisiounen Baugenehmegungen ausstellen.

D'Gesetz iwwert den Aménagement communal vun 2004 - an och déi Kollegen a Kolleginnen, déi heibanne sinn, déi deemools derbäi waren, kënne sech nach erënneren - stoung deemools natierlech och am Schiet, kann ee scho bal soen, vun där Diskussioun iwwert den IVL, iwwert dee mer jo och schonn eng länger Zäitchen net méi schwätzen. Wa mer haut iwwer Landesplanung schwätzen, da schwätze mer natierlech implizitt och iwwert déi kommunal Entwécklung, an déi ass natierlech an deene leschte Méint, och virun allem duerch déi verschidde Plan-sectoriellen, mat beaflost ginn. Ech wëll hei nach eng kéier ënnersträichen, mir wëssen alleguer, wat d'Konsequenz vun där Diskussioun war: Déi Prozedur ass jo den 28. November 2014 gestoppt ginn.

Eppes ass allerdéngs ganz kloer: Déi Diskussioun wäert erëm eng kéier missen opgeholl ginn. Mir wäerten erëm eng kéier eng méi approfondéiert Diskussioun iwwert déi Plan-sectorielle féieren, wat natierlech dann och automatesch wäert eng Implikatioun op déi verschidde PAGen hunn. An dowéinst ass jo och déi Fro, déi vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers opgeworf gi war, ob een net hätt sollen e gemeinsamen Délai festhalen, mat Sécherheet net vun der Hand ze weisen.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt an där ganzer Diskussioun vun de Plan-sectoriellen awer déi sëllegen a gutt Avisen, déi gemaach gi sinn, datt déi awer net verluer sinn, datt déi Avisen nach wie vor hire Bestanddeel (veuillez lire: hir Berechtigung) hunn, datt se gegebenefalls och mussen oder kënne adaptéiert ginn. Mä déi Aarbecht war mat Sécherheet net ëmsoss.

Ech mengen, virdrun huet den Här Roth hei eng Rei Iddien développéiert, déi een zum gréissten Deel kann ënnersträichen. Erlaabt mer awer trotzdeem, Här Roth, eng kleng Géigefro ze stellen.

Et ass awer virun allem eng Partei, déi iwwer all déi Joren awer d'Méiglechkeet hat, elo schonn am Fong geholl wäitsichteg am Virus ze plangen, soudatt eben elo déi vill Problemer, déi ech opgestallt hunn, net hätte missen Entstoen. Dat ass net polemisch hei gesot, mä trotzdeem, wann een elo heihinnerkennt an et verlaangt een eng ganz Rei vu Moossnamen, da muss ee sech awer trotzdeem zumindest d'Géigefro gefale loossen, ob een net awer d'Méiglechkeet hat, iwwert de Wee vu sengen Innenministere, déi een all déi Joren a senge Reien hat, trotzdeem vläicht, vläicht, vläicht, vläicht e bësselche méi mat Viraussicht ze operéieren.

► **Une voix.** - Très bien!

(Brouhaha)

► **M. Gusty Graas (DP).** - Ech war hei ganz prezis, Här Halsdorf. Ech mengen, Äre Fraktionskolleg huet jo all déi Froen opgeléicht. An do waren eng ganz Rei Saachen, déi een hätt och scho vläicht kënne an der Vergaangenheet hei maachen.

Onofhängeg dovun, ech mengen, et ass gutt, datt mer haut op dës Manéier hei reagéieren. D'DP-Fraktioun jiddefalls kann déi Moossnamen hei nëmme ënnerstëtzen, an der Hoffnung, wéi gesot, datt mer elo net kuerzfristeg erëm eng kéier musse gewëssen Adaptatiounen vun dem Gesetz virhuelen, wuel wëssend, datt et eng extrem komplex Matière ass, wuel

wëssend, datt sech eben aus der Praxis eraus eng ganz nei Siicht vu Problemer opgedoen huet an datt dat ebe mat sech bruecht huet, datt regelméisseg muss hei légiféiert ginn.

An deem Sënn, wéi gesot, bréngen ech selbstverständlech den Accord vun der DP-Fraktioun, soen awer och dem Rapporteur Claude Haagen Merci fir seng ausféierlech Berichter, souwuel mëndlecher wéi och schrëftlecher Natur. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Jo, Merci och dem Här Graas. An nächste Riedner ass den Här Claude Adam.

► **M. Claude Adam (dêi gréng).** - Merci, Här President. Ech war als Netgemengepolitiker e bësselche schonn erfëiert, wéi ech gesinn hunn, datt mer hei - d'Wäisheet vun der Conférence des Présidents - de Modell 1 fir de Projet zouginn hunn, a wéi Dir dunn och nach gesot hutt, et wier de 6704, dunn hunn ech geduecht, mir géifen iwwert d'Omnibusgesetz schwätzen. Gott sei Dank ass dat net de Fall. Et ass de 6704A, wéi de Rapporteur dat richtig gesot huet. An de Rapporteur, deem ech wëll Merci soe fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport, huet zu Recht gesot: Et gëtt eng gewëssen Urgence.

Déi gewëssen Urgence huet en och erkläert. En huet gesot, mat deem Gesetz hei géife mer zwee Artikelen änneren, déi extrem wichtig wieren, an dat sinn zwee Artikele vum Gesetz vum 19. Juli 2004. An do ginn ech och dem Här Gilles Roth, dem PAG-Expert vun der CSV, absolutt recht, datt dat Gesetz vun 2004 - och als Netgemengepolitiker géif ech dat awer och kënne soen -, net allze vill ee grouse Worf war. Do si schonn esou vill Nobesserung geschitt. An Dir hutt gemengt, et wier net déi lescht. Et kéint och duerchaus sinn, datt et nach net déi lescht wier.

Op alle Fall, déi hei, déi mer dann elo an enger gewësserer Urgence virhuelen, dat resüméiert sech drop, datt mer d'Deadline, wou déi PAGe vun der neier Generatioun mussen ofgeschloss sinn, op den 8. August 2018 verlängeren. Et ass och gesot ginn: Vun deenen 105 Gemenge sinn der just 15, déi hire PAG konform hunn. An et ass och gesot ginn, datt d'Sanktiounen och geännert ginn. De PAG gëtt net méi caduc, mä et dierfe keng Ëmännerunge méi gemaach ginn. An och d'Bautereglement gëtt net méi caduc.

Dat si selbstverständlech Ännerungen, déi mir begrëssen, an duerfir ginn ech och den Accord vun der grénge Fraktioun zum Projet de loi 6704A. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Claude Adam. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Claude Haagen fir dee formidable Rapport, schrëftlechen a mëndlechen, Merci hei soen.

Ech mengen, wa mer haut hei eng Spléckung vun dem Onmibusgesetz gemaach hunn a just zwee Artikelen aus dem Gesetz vum 19. Juli 2004 ofänneren, esou wësse mer alleguer am Fong scho vun 2004 un, déi deemools schonn heibanne waren, datt mer wäerten an der Zukunft, vun deemools aus gesinn, Problemer mat den Délaie kréien. Dat ass 2004 schonn heibannen diskutéiert ginn. An d'Argumentatioun war deemools déi, datt mer gesot hunn: Wa mer keng Délaien drasetzen, mer setze keng Sanktiounen dran, da maachen d'Gemengen näischt, dann huele se sech gutt Zäit, da schleeft dat einfach esou virun.

Mir hunn Délaien dragesat, mir hu Sanktiounen dragesat, an den Erfolleg war duerfir awer net vill méi grouss. Et gesäit een, datt d'Lëtzebuerger Gemenge wëssen, wéi d'Politik hei zu Lëtzebuerg fonctionnéiert. Wann een esou Délaien drasetzt a Sanktiounen drasetzt, an et si genuch Gemengen, déi sech net drun halen, da gëtt dat einfach geännert an et gëtt verlängert.

Sou hu mer schonn Etappen dertëscht gebaut. An all Kéiers hu mer dat gesot hei, datt den Délai net wäert agehale ginn. An ech kann lech och elo scho soen, Här President, Dir sollt kucken, am Mee 2018 e Mëttag op dem Ordre du jour eng Stonn ze reservéieren, well mer dann erëm e Projet de loi hei wäerten diskutéieren, fir den Délai vun 2018 vläicht nëmme méi dann op 2020..., mä mir wäerten en dann nach eng kéier verlängeren, och wa mer d'Sanktiounen elo an dësem Gesetz erofgesat hunn.

Dat heescht, d'Gemengen huet et net gestéiert, wéi d'Sanktiounen relativ sec waren. An ech ka mer elo virstellen, well se elo méi schwach sinn, datt se elo net méi erpicht sinn, fir méi séier ze schaffen, well d'Sanktiounen si jo elo méi schwach ginn.

Mä och déi Sanktiounen wäerte mer net zum Droekomme loossen am Joer 2018. Och da wäerte mer erëm mussen hei légiféieren.

D'Fro, déi ee sech am Fong muss stellen: Firwat hunn am Fong elo no zéng Joer eréischt eng zéng, fofzéng Gemengen d'Prozedur duerchlaaf? Dat ass am Fong déi Diskussioun, déi mer misste féieren. Firwat bréngen eis Gemengen dat net fäerdeg? Oder wëlle se et net? Ech géif mengen, d'Gemenge wëllen et maachen! Et ass also net, datt, mengen ech, eng Oppositioun ass vun de Gemengen a se soen: Mir wëllen dat doten net maachen. Ech mengen, eng Gemeng huet en Intérêt drun, fir et ze maachen. Mä da muss ee kucke goen: Firwat geschitt et dann net?

Wa mer 2011 sechs Gemengen haten - dat heescht, du war scho sechs, siwe Joer d'Gesetz a Kraaft - an 2015 hu mer der fofzéng, da misst den Här Minister eis vläicht kënne soen, si wëssen awer vläicht, wou déi aner Gemengen an de Prozedure méi oder wéiniger dru sinn oder wat bis elo an de Ministère agereecht ginn ass. Mä et misst een awer och emol eng Analys maachen am Fong, amplaz datt mer einfach ouni vill Diskussioun all puer Joer den Délai verlängeren. Firwat hunn d'Gemengen dat net fäerdegbruecht?

Ass et einfach ze komplizéiert un de Prozeduren? Ech verstinn, datt dat doten an all Gemeng a jee nodeem, wéi d'Viraarbecht war, wéi den ale PAG war... Et gëtt jo och Gemengen, déi scho relativ wäitsichteg PAGe virun zéng, fofzéng Joer gemaach hunn, wou ech géif mengen, déi kéinten dann och vläicht méi séier eng Adaptatioun maachen. Et sinn awer och Gemengen, déi nach relativ wäit hannen an deem Domän sinn an déi quasi alles mussen integral iwwerschaffen. Dann ass dat eng enorm Aarbecht!

An ech weess och aus menger laangjähreger Erfahrung, déi ech doranner hunn, datt dat net einfach ass, an enger Gemeng un de PAG fréckelen ze goen, well d'Wënsch ëmmer da ganz grouss sinn an d'Diskussiounen grouss sinn an et politesch net einfach ass. An der Zwëschenzäit kommen dann och nach Gemengerotswahlen dertëscht, wou dann erëm aner Leit an d'Gemenge kommen. Et kommen nei Iddien, nei Interessen oder wéi een et wëllt nennen. Alles dat mécht d'Saach net méi schwéier (veuillez lire: méi einfach)!

D'Prozedure si sécherlech och eng vun den Ursaachen, wou mer jo scho laang driwwer schwätzen, an iwwert d'Omnibusgesetz wëlle mer jo och iwwerhaapt Prozedure maachen. Mä mir mussen, mengen ech och, hei Délaie setzen an de Prozeduren. Net nëmme de Gemengen, mä och de staatleche Verwaltungen mussen mer Délaie setzen, wou et muss virgoen. A mir hunn och nogebessert an der...

An ech ka mech erënneren, deemools, wéi mer ugefaangen hunn, iwwert déi dote Saachen ze diskutéieren, datt mer och gesot hunn: „Hu mer iwwerhaapt genuch Bureau-d'étuden?“, wa sämtlech Gemenge géife matenee soen: „Ma elo maache mer et.“ Do ware mer déizäit schonn der Meinung, datt mer net genuch Bureau-d'étuden hätten, déi dat iwwerhaapt géife fäerdegbréngen, oder mir missten an d'Ausland goe bei Bureau-d'étuden. An do ass gesot ginn: „Ma neen, et muss jo net alles matenee gemaach ginn. Kommt, mir kucken, datt mer déi Bureau-d'étuden, déi mer am Land hunn, datt mer déi beschäftegt kréien.“ Mat deem bekannte Resultat, wat mer dann haut hei hunn.

Duerfir, wéi gesot, mir hunn hei eng Situatioun, wou et och haut erëm richtig ass, datt mer en Délai setzen, well ouni Délai, sinn ech einfach iwwerzeegt, géif guer näischt geschéien! Mä ech sinn iwwerzeegt, datt och mat engem Délai mer an dräi Joer erëm wäerten hei stoen. An dann, hoffen ech, ass d'Progressioun awer bis an den nächsten dräi Joer méi séier virugaange wéi se an deene leschte Jore virugaangen ass!

A mir kënne nëmme just zesummen hoffen - an et si jo vill Kommunalpolitiker heibannen -, datt d'Gemenge wierklech e Maximum maachen, fir datt mer iwwert den dote Wee eng uerdentlech a geuerdet Landesplanung zustane kréien, déi méi wéi iwwerfällg ass.

Ech soen lech Merci a ginn d'Zoustëmmung vun eisem Grupp.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Gibéryen. D'Wuert huet direkt den Innenminister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.** - Merci, Här President. Fir d'Éischt och e Merci un de Rapporteur an un d'Chamber allgemeng, dass en akzeptéiert ginn ass, dësen - géif ech soen -



awer bal e bëssen onkonventionelle Wee vun der Lassléisung vun engem Deel vum Omnibusgesetz, fir där Prozedur zougestëmmt ze hunn. Och de Statsrot ass jo mat op deem dote Wee gaangen, well mer jo alleguerte wëssen, dass mer hei an der Obligatioun waren, fir séier ze handeln, fir d’Gemengen net an eng Situatioun vun Insécurité juridique ze setzen.

Et ass virdu gesot ginn: 2014 ass d’Omnibusgesetz als Ganzt déposéiert ginn. Mir waarden nach ëmmer op den Avis vum Statsrot. Ech ginn allerdéngs gären zou, dass dat Gesetz esou ëmfaassend ass, dass et net einfach ass, do all d’Detailer ze erfassen, an dass een dofir eng gewëssen Zäit brauch, fir dat Ganzt ze analyséieren. Do läit den Däiweel ganz oft am Detail. Dofir war ech och ganz frou, dass och de Statsrot, wéi gesot, mat op dee Wee gaangen ass, fir deem heiten Deel vum Omnibusgesetz erauszéisen, well mer einfach an der Situatioun sinn, dass dee fatalen Datum vum 8. August 2015 elo ganz séier kënnt.

An ech wëll nach derbäisoen, dass e fir eenzel Gemenge souguer nach vläicht ënner Ëmstänn vill méi séier komm wier, well de Libellé vun hirer Deliberatioun, wou se d’Verlängerung ugefrot hunn, juristescht och onkloer wier, soudass et souguer ënner Ëmstänn esou gewiescht wier, dass scho Gemengen an der Situatioun gewiescht wieren, dass se scho virum 8. August 2015 an der Situatioun gewiescht wieren, dass hire PAG tout simplement caduc gewiescht wier.

Ech mengen, et ass och hei kloer scho gesot gi vum Rapporteur, wat den Inhalt vun deem Gesetz ass. Et ass näischt Weltbewegendes, an trotzdeem ass et eppes, wat fir d’Gemenge vun essenzieller Bedeitung ass. Mir wëssen dat alleguerten. An dofir jiddwerengem Merci, dee gehollef huet, dass mer dëst Gesetz konnten op dës Wee hei an d’Chamber bréngen!

Ech mengen, wa mer elo deem Délai hei verlängeren, an den Här Gibéryen huet virdrun och dovunner geschwat, dann ass dat keng Opfuerderung un d’Gemengen, elo piano, piano ze maachen, nach méi lues ze maache wéi vläicht an der Vergaangenheet gemaach ginn ass, elo nach kënne sech Zäit ze huelen an ze trëntelen. Am Géigendeel, den Drock ass grouss! Och déi dräi Joer, déi mer elo verlängeren, déi gi ganz séier eriwwer. An et ass virdu schonn ugedeit ginn, do wäert och nach e gewëssene politeschen Drock och op d’Gemengen duerkommen.

Also wéi gesot, keng Opfuerderung un d’Gemengen, elo ze trëntelen, ganz am Géigendeel! Et soll een de Gemenge kloermaachen, wat d’Virdeeler vun de PAGe vun där neier Generatioun si par rapport zu där aler Gesetzgebung vun 1937. Dofir och d’Opfuerderung hei ganz kloer un d’Gemengen, elo séier virunzemaachen an net ze waarden, well et am Sënn och vun enger wesentlecher Simplification administrative ass, virun allem och am Beräich vun de Quartier-existanten, dass mer eben déi PAGe vun der neier Generatioun esou séier wéi méiglech wäerte kréien.

Net zulescht, selbstverständlech, d’Sanktioun: Et gëtt geännert, mä si fällt net. Et bleift eng wesentlech Sanktioun drop, wann een en Datum net anhält, nämlech déi, dass ee keng Modification ponctuelle vum PAG méi ka maachen, respektiv déi Sanktioun, dass och kee PAP vun den nouveaux Quartiers méi ka gemaach ginn. Dat ass, mengen ech, trotzdeem e wesentlechen Aschnëtt an d’Gestaltungsfräiheet vun enger Gemeng. Dofir mengen ech, dass déi Sanktioun hei och nach streng genuch ass, fir d’Gemengen ze incitéieren, awer elo séier op de Wee ze goe vum PAG vun der neier Generatioun.

Ech wëll kuerz vläicht drop agoen, wat de Vertrieeder vun der CSV gesot huet, wou ech ganz viles kann ënnerschreien, wat e gesot huet, virun allem d’Iddi, dass mer hei net sollte géinteneen operéieren, mä vill méi matenee schaffen. Hei sinn net d’Parteifaarwen, déi interessant sinn an déi wichteg sinn, mä hei ass wichteg ze kucken, dass mer zu konkrete Léisungen um Terrain kommen, fir dass mer am Intérêt vum Land de Wunnensbau kënne virundreiwen. Dat ass ganz wichteg.

Et ass och gesot ginn, et géif net genuch Koordinatioun gemaach ginn. Ech wëll dem Här Roth awer dozou soen, dass dat och meng Aschätzung war. An dofir hu mer am Intérieur déi Plattform agericht, wou am Virfeld vun der Planung, vun de PAPen u sech all Akteuren un engem Dësch sëtzen: d’Gemenge mat de Promoteuren, mat de Vertrieeder aus de Verwaltungen, sief dat den Environnement, d’Gestion de l’eau, d’Ponts et Chaussées, d’Kultur, a selbstverständlech och vum Intérieur an och nach anere Verwaltungen, wann et da muss sinn. Ech mengen, dat klappt och relativ gutt.

Mä och déi Plattform do kann u sech net all Problemer léisen, déi mer an der Prozedur entdecken. Och déi Plattform do an och déi Vertrieeder vun deene jeeweilege Ministère müssen

hiweisen op hir jeeweileg Gesetzgebungen, déi müssen agehale ginn. Dir kennt alleguerten d’Gesetz vun 2008 iwwert déi faméis SUPen, wat eis an deem engen oder anere Projekte jo awer Problemer mécht. A mir müssen, do ginn ech lech recht, mir müssen och dorunner schaffen, fir hei zu Vereinfachungen ze kommen!

Ech sinn awer och frou, dass den Här Roth Léierfäegkeet bewisen huet, wéi en am Fong sech selwer eng Fro gestallt huet, déi en an engem Referendumsstil praktesch hei gestallt huet, an du konnt e se mat Jo beäntweren. Ech mengen, dat weist jo och, dass d’CSV léierfäeg ass. An ech wëll him och soen, dass ech genau an deem nämlechte Geescht,...

(Interruption)

...genau a sengem Geescht wäert probéieren, konstruktiv seng Iddi opzehuelen a se ze préiwen.

Ech ginn allerdéngs ze bedenken, dass se eventuell den Nodeel kéint hunn, dass mer, wa mer déi Iddi do tel quel iwwerhuelen, am Fong déi nei Orientatiounen, déi mer an engem neie PAG awer scho wëlle festhalen, déi nei politesch Orientatioun, déi mer wëlle ginn, déi nei urbanistescht Orientatioun, déi mer wëlle ginn, déi sech jo awer och aus enger demokratesch opgestallter Étude préparatoire schonn erausgeschielt hunn, dass mer déi u sech géifen hypothéquieren, andeems dass mer géifen einfach d’Dispositiounen vun engem ale PAG iwwerhuelen.

Dofir: Jo zur Iddi, et soll ee se préiwen, et soll ee se kucken. All Iddi ass gutt, egal vu wem se kënnt, wa mer kënne hei konstruktiv virukommen. Ech wëll just soen: Il y a du pour et du contre, et ass bal wéi bei allem. Mä ech huelen awer d’Iddie mat an ech wäert se mat menge Servicer préiwen, fir gegebenenfalls nach eng Kéier dorobber zrëckzekommen.

Dat gesot, nach eng Kéier e grouse Merci, dass mer hei konkret virukommen. An dee Merci kann ech, mengen ech, och hei am Numm vun alle Gemenge ginn.

Merci!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.-Merci och dem Här Minister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet de loi 6704A.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 6704A et dispense du second vote constitutionnel

An d’Ofstëmmung fänkt un. Déi perséinlech Stëmmen. D’Procuratiounen. An d’Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi ass unanime mat 59 Stëmmen ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6704A est adopté à l’unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Laurent Zeimet), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Serge Wilmes) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall’Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum (par M. Eugène Berger), Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché) et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding) et Roy Reding;

MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ass d’Chamber och bereet, d’Dispens vum zweete Vote ze ginn?


(Assentiment)

Merci. Dat ass dann esou décidéiert.

A mir sinn um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Déi nächst Sëtzunge sinn den 9., 10. an 11. Juni. Ech soen lech villmools Merci a selbstverständlech gesi mer eis erëm an deene ville Kommissiounssëtzungen.

Merci a bis geschwënn!

(Fin de la séance publique à 16.06 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

- Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Communications
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- 6821 - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d’État
 - Déclaration de recevabilité: M. Mars Di Bartolomeo, Président
- 6822 - Proposition de loi modifiant la loi du 23 octobre 2008 sur la nationalité luxembourgeoise afin de faciliter l’accès à la nationalité aux soldats volontaires de l’Armée
 - Déclaration de recevabilité: M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Ordre du jour
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Conclusions du rapport final concernant la «question juive» au Luxembourg (1933-1941) - L’État luxembourgeois face aux persécutions antisémites nazies
 - Déclaration: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État
 - Dépôt et présentation d’une résolution: M. Alex Bodry (M. Michel Wolter intervient)
 - Débat: M. Serge Wilmes, M. Lex Delles, M. Franz Fayot, Mme Viviane Loschetter, M. Fernand Kartheiser, M. Serge Urbany

- Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État
 - Vote sur la résolution 1 (adoptée)
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- (La séance est suspendue de 16.25 à 16.41 heures.)
- Débat au sujet du résultat du référendum du 7 juin 2015
 - Débat: M. Claude Wiseler, M. Alex Bodry (interventions de M. Claude Wiseler), M. Eugène Berger (interventions de M. Gast Gibéryen et M. Claude Wiseler), M. Claude Adam (interventions de M. Claude Wiseler), M. Gast Gibéryen (interventions de M. Alex Bodry), M. David Wagner (interventions de M. Claude Wiseler, M. Mars Di Bartolomeo, Président, M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État), M. Marc Spautz (interventions de M. Félix Braz, Ministre de la Justice, M. Claude Wiseler, M. Eugène Berger, M. Marc Angel et M. Alex Bodry)
 - Prise de position du Gouvernement: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État (interventions de M. Claude Wiseler, M. Michel Wolter, M. Eugène Berger, Mme Nancy Arendt, M. Mars Di Bartolomeo, Président, M. Marc Spautz, M. Claude Wiseler et M. Fernand Kartheiser)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Félix Braz, Romain Schneider, Fernand Etgen, Mmes Maggy Nagel, Lydia Mutsch, MM. Dan Kersch, Claude Meisch et Mme Corinne Cahen, Ministres; Mme Francine Closener et M. Marc Hansen, Secrétaires d’État.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)